Discussion générale

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet, mengen ech, d'Wichtegkeet vun deem Gesetz hei ënnerstrach, déi nach emol ënnermauert gët duerch d'Tatsaach, datt fir eng Kéier den Avis vum Staatsrot virum Dépôt vum Projet de loi do as. De Staatsrot huet säin Avis nämlech schon de 16. Mee 1995 eragin, an de Projet as eréischt den 20. Juni 1995 déposéiert gin. Et versteet een dofir am Fong geholl nët, firwat de Projet du 4 Jor am Tirang verschwonnen as, ier en erëm erausgefëscht gin as, fir dann haut um Ordre du jour ze sin.

Dat soll eis, mengen ech, nët dovun ofhalen, dee Projet hei ze stëmmen. Ech mengen, de Projet as gutt, an d'demokratesch Partei wäerd hir Zoustëmmung och hei gin.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Greisch agedroen.

M. Mathias Greisch *(LSAP)*.- Här President, ech wëll am Numm vun der sozialistescher Fraktioun eis Zoustëmmung zu dësem Accord gin, an ech si frou, dass deen Accord, dee schon 1993 ënnerschriwwe gin as, elo endlech ëmgesat gët.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Camille Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, elo wou deen Accord vill méi eng friedferteg Ausriichtung huet, hun déi Gréng och kee Problem, dësem Projet de loi zouzestëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun wir elo ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl. De Vote vum Projet as an enger nächster Sitzung.

Da kéime mer zum nächste Punkt vun eiser Dagesordnung, der Proposition de loi 4539 vum Här Robert Garcia iwwer d'Centrale culturelle Belval. Esou wéi et am Artikel 59 vum Châmberreglement festgehalen as, stin dem Auteur vun der Proposition de loi, der Regirung an dene 5 Fraktioune jeweils 10 Minutte Riednerzäit zur Verfügung. Et hu sech schon ageschriwwen: déi Häre Glesener, Berger an d'Mme Mutsch.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Propositioun, den honorablen Här Robert Garcia.

8. Proposition de loi 4539 de M. Robert Garcia autorisant le gouvernement à créer

1. l'établissement public "Centrale culturelle Belval" et

2. autorisant cet établissement public à participer comme membre fondateur au groupement d'intérêt économique "Société de gestion de l'espace Belval"

Proposition de loi 4540 de M. Robert Garcia autorisant le gouvernement à créer

1. l'établissement public "Université européenne Terres Rouges" et

2. autorisant cet établissement public à participer comme membre fondateur au groupement européen d'intérêt économique "Campus universitaire europeén Terres Rouges" à Esch-Alzette

Rapports de la Commission de l'Economie et de l'Energie et de la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur*.- Merci, Här President. Ech wäerd déi zwou Propositions de loi beieneen huelen, dann as d'Diskussioun vläicht och nët esou laang.

Normalerweis, bei Projets de loi, as dat éischt, wat ee mécht, dem Rapporteur merci ze soen. An dësem Fall as dat jo nët méiglech. Ech wëll awer vun der Geleënheet profitéieren, fir denen...

(Interruption)

Souwäit sin ech nach nët!

...Leit souwuel aus dem Secteur public, wéi och dem Secteur privé merci ze soen, déi un dëse Propositions de loi an hirer Fräizäit a sans préjudice vun hirem Devoir de retenue matgeschafft hun, fir dass et an där relativ komplexer Matière zu engem koherenten Text komm as.

Dräi Objektiver verfollegen ech mat denen zwou Propositions de loi:

- deen éischten Objektiv as deen, fir déi bis elo relativ theoretesch Diskussioun iwwer d'Zukunft vun den Industriebraachen op en Niveau vun e bësse méi prakteschen a realisteschen - oder realisabele - Projetën ze bréngen;

- den zweten Objektiv as deen, fir eng Reflexioun driwwer ze féieren, wéi eng optimal Gestiounsstrukture fir eng deelweis öffentlech an deelweis gemëschten Notzung vun dene spéidere Projetën ee kann an d'A faassen, an

- den drëtten Objektiv as deen, fir d'Diskussioun, déi éiweg Diskussioun iwwer den universitäre Standuert Lëtzebuerg duerch eng nei a ménger Menung no sënnvoll Perspektiv ze beliewen.

Vläicht e kuerzen Historique: ech wëll renvoyéieren op den Dépôt vun enger Proposition de loi iwwer d'Kreatioun vun engem Parc régional Minett vu virun zwee Jor. Déi Propositioun as zwar nët telle quelle ugeholl gin, mä ech hu mer misse soë loossen, vum Här Juncker hei op der Tribün, dass d'Regirung zumindest déi Iddiën, déi an där Proposition de loi enthale sin, ugeholl huet an och a Richtung vun engem Syndicat à vocation multiple geet, fir déi Gestioun vun denen zukünftege regionale Strukture vum Minett ze maachen.

Ech wëll och renvoyéieren op eng Proposition de loi, déi ech virun 3 Jor gemaacht hun iwwer d'Fondatioun Janis Joplin, iwwer d'Gestioun vun der Rockhal. Do muss ech e bësse mat Nostalgie nët nëmmen op d'Janis Joplin, mä och op déi Propositioun zréckkucken, well ech hat mer deemools gesot, et wär vläicht nët schlecht, wann ee sech am Virfeld, ier een ufänkt ze bauen an Aménagementer ze maachen, eng konkret Virstellung mécht iwwer d'Gestiounsstrukturen; da wéisst een éischter, wou een histeiert.

An denen 3 Jor hätt ee kënne laang iwwer déi Gestiounsstrukturen diskutéieren, an ech hun och misse feststellen, wéi den Här Bodry de Projet de loi iwwer d'Rockhal déposéiert huet, dass hie selwer och nach keng fix Iddiën hat iwwer d'Gestiounsstrukturen. Mir hätten eigentlech 3 Jor Zäit gehat, fir doriwwer ze diskutéieren.

En drëtte Punkt vum Historique as, dass mir an eiser Partei - Stéchwuert Plattform iwwer d'Edukatioun - relativ konkret Virstellungen iwwer den Uni-Standuert Lëtzebuerg formuléiert hun.

Zu där éischter Proposition de loi, nämlech där, fir op dem Site vun Terres rouges souwuel eng Université européenne ze maachen, wéi och e Campus universitaire européen wëll ech kuerz agoen op de Site selwer. D'Friche Terres rouges as nët nëmmen eng vun denen eelste Frichen hei am Land, mä si situéiert sech eigentlech ideal fir transfrontalière Projetën; well et as eigentlech nieft dem PED déi Friche, déi am noosten u Frankräich as a sech egent, fir eventuell eng Extensioun iwwer d'Grenzen eraus ze maachen. Anerersäits as et awer och déi Friche, déi sech am beschten egent, fir an enger Agglomératioun selwer déi Projetën anzebannen, nämlech an der Agglomératioun vun der Stad Esch.

Wat beinhalt elo dee Projet vun enger europäescher Universitéit? Ech wëll eben do alle Malentenduë virbauen, fir ze soen, mir wéilten elo entweder de CUNLUX vum Lampertsbierg op d'Terres Rouges verfrachten oder eng Uni op Terres Rouges maache fir Lëtzebuerger Studenten.

Mir gesinn am universitäre Beräich zu Lëtzebuerg eigentlech véier Créneauën:

- dat eent as, dass am Kader vum CUNLUX vläicht nei, komplett Cyclë geschafe gi fir Saachen, déi mir wëllen zu Lëtzebuerg promouvéieren, sief et am Multimedia-, am Finanz- oder an anere Beräicher;

- deen zwete Créneau wär deen, och am Kader vum CUNLUX, fir ze kucken, ob mer nët am Kader vun enger regionaler Universitéit, zesumme mat denen aneren Instituter zu Tréier, Metz, Nanzeg, Arel, Saarbrécken, deen een oder aneren Institut op Lëtzebuerg kéinte kréien, deen da komplementar zu denen aneren Universitéite wär;

- deen drëtte Créneau as d'Schafung vu Weiderbildungsinstituter, haaptsächlech och enger Vollekshéichschoul, an

- dee véierte Créneau - dat as deen, deen dee spezifesche Site hei betrëfft - as dee vun enger europäescher Universitéit.

Wat heescht dat? Mir gesinn zwou Identitéitsfilièrë fir esou eng Universitéit:

- éischtens déi voll Notzung vum europäesche Charakter vum Site Lëtzebuerg a vun der Regioun, d.h. dat, wat de Moment op esou monolinguistesche Sitë wéi Bruges oder Florenz passéiert, nämlech europäesch Studien, op e Site ze brénge wéi Lëtzebuerg, wou et jo awer nët nëmmen e multikulturellen, multilinguisteschen oder multilinguale Kontext gët, mä wou et awer och ganz vill Leit um Terrain gët, déi aus ganz verschiddene Länner kommen an do kéinten e ganz wäertvollen Apport hun;

- déi zweet Identitéitsschinn wär déi vun der Komparatistik. Wann een e bëssen am wëssenschaftleche Beräich an Europa doheem as, da weess een, dass et tëscht denen angelsächsegen, däitschen, skandinaveschen, latäineschen oder franséische wëssenschaftleche Schoulen op alle Gebidder immens Divergenze gët, an oft, wann ee wëssenschaftlech Texter liest aus dem psychologesche Beräich, aus Frankräich, aus England oder aus Däitschland, da mengt een, et géif ee vun engem ganz anere Fach schwätzen.

Do wir Lëtzebuerg, well Lëtzebuerg jo och vill Studentinnen a Studenten huet, déi an anere Länner studéiert hun an op Lëtzebuerg nees zréckkommen, en idealen Nährbuedem, fir eng komparatistesch Universitéitskultur opzebauen.

Ech wëll direkt virbauen: mir wëllen nët, dass d'Lëtzebuerger Studentinnen a Studenten nët méi sollen an d'Ausland goen. Deen Zilpublikum, deen hei viséiert as, as haaptsächlech dee vun auslänneschen, mä och lëtzebuergesche Studenten, déi haaptsächlech den troisième Cycle maachen, Doktorater, Recherchen oder komplementar Studië maachen.

Déi Studente sollen eben op Lëtzebuerg aus der Regioun an aus ganz Europa kommen, a si sollen an Instituter entweder fuerschen oder léieren, déi opbauen op der linguistescher Vielfalt, um multikulturelle Charakter vun eiser Regioun an op där ekonomescher Dynamik, déi eben an eiser Regioun nët ze verkennen as.

Wéi eng Strategie läit dann elo deem Gesetzesvirschlag hei zu Grond? Mir wëllen a verschiddenen Etappe virgoen.

De Stat schaaft e weideren Etablissement public, ähnlech wéi de CUNLUX, deen awer nëmmen op déi europäesch Studien axéiert as, an e schaaft selwer eng hallef Dosen Instituter, déi et eigentlech schon zu Lëtzebuerg misst gin, well Lëtzebuerg do eng Kompetenz huet. Ech gesinn nët an, fir wat dass et eng europäesch Rechtsakademie zu Tréier gët, oder en europäescht Tourismusinstitut, an nët zu Lëtzebuerg, wou Lëtzebuerg sech jo awer vu sénger europäescher Vokatioun hir als éischt géif eegnen, fir esou eppes ze beherbergen.

Weider kënnt een och an de sozialwëssenschaftleche Beräich goen, zum Beispill europäesch Sozialgeschicht, Medien, nei Technologien, Droit, Finanzen. Et gin u sech sécherlech eng sëlleche vun Iddiën, déi kënnten esou éischt Instituter hun.

Deen zwete Schrëtt as, dass deen Etablissement public op deem Site "Terres Rouges" do eventuell géif fonktionnéieren, an da seet een, okay, mir hun hei e Kär, a ronderëm dee Kär soll een eng akademesch Zon, e Campus opbauen.

Et géif een also eng Prospektiounspolitik maachen, ähnlech wéi mer et de Moment maachen, an eigentlech as déi Propositioun hei näischt anescht wéi eng traditionell Fortsetzung vun der Lëtzebuerger Nischepolitik.

Mir haten d'Nischepolitik vun de Banken. Mir hu se versicht, am Mediësecteur ze maachen, a bis elo huet déi Nischepolitik sech opgebaut entweder op Souveränitéitsnischen am Beräich vun der Fiskalitéit oder a Fördermoossnamen, déi et awer am Moment ëmmer méi schwireg as, am europäesche Kontext duerchzebréngen.

Do, wou eis Nisch sech opbaut, as eigentlech e Lëtzebuerger "brain"-Kapital, deen zu Lëtzebuerg schon do as, deen een nët muss duerch irgendwelch gesetzlech Moossname schützen. Dat heescht, mir bauen eigentlech op engem egene Kapital op, dat de "brain-trust" vu Lëtzebuerg as, an domat versiche mer quasi, wéi mer fréier versicht hun, Banken unzelackelen, europäesch Instituter unzelackelen.

Dat kënnen Dépendancë vun öffentlechen Universitéiten aus dem Ausland sin. Et kënnen Dépendancë vu privaten Unie sin. Et kënnen Dépendancë vun amerikaneschen Universitéite sin, ähnlech wéi mer se jo hei vu Miami hun. Et kënne mixte Strukture sin, et kënnen nei Instituter sin. Ech mengen, do as der Phantasie keng Grenze gesat, an ech ka mer och imaginéieren, dass d'europäesch Institutiounen interessëiert sin, fir an deem Beräich matzehëllefen, fir eng europäesch Forschungsrichtung auszebauen.

Ech muss soen, ech fannen déi Iddi hei immens gutt. Et muss een dat an aller Bescheidenheit soen. De Goethe sot schon "nur Lumpen sind bescheiden, der Tüchtige erfreut sich seiner Tat". Ech fannen déi Iddi immens gutt, mä wat elo de Site ubelaangt, do kann een natiirlech soen, et gët immens vill Siten. Ech hun dee Site "Terres Rouges" erausgesicht aus verschiddene Grënn.

Éischtens as e symbolesch ganz wichteg, well en as op der Grenz. Dat heescht, eng Ausdehnung, déi duerchaus méiglech as, wann een d'Pläng kuckt, a Frankräich géif dozou féieren, dass mer no dem PED en zweten transfrontalierë Projet hätten, dee mat enger europäescher Vokatiëun kënnt Schoul maachen an och eng wichteg Signalwierkung wär, wann ee wëllt esou Instituter aus dem francophonen oder dem däitsche Beräich ulackelen.

Et muss een awer och soen, dass et eng Signalwierkung wär fir d'Minettregioun, déi jo awer bis elo ëmmer ausschliesslech en industrielle Charakter hat. Deen industrielle Charakter vun der Minettregioun geet och ni verluer, a mir wäerten den nächste Mëttwoch Geleënheet hun, doriwwer ze schwätzen, mä et as awer vläicht wichteg, dass een duerch esou eng Implantatioun en neie Créneau mëtten an de Minett setzt, op eng wierklech neuralgesch Plaz. Doraus kënne sécherlech och nach aner Dynamiken entstoen am Beräich vun der Fuerschung. Ech denken och un aner Institutiounen, déi et jo scho gët, wéi de CEPS/INSTEAD zu Déifferdéng oder de Schlassgaart zu Esch. Et as doduerch, dass en universitären Noyau do as, dass do eng nei Dynamik kann entstoen.

Ech sin iwwregens och domadder op där selwechter Linn wéi de Wirtschaftsminister Goebbels, deen d'lescht op enger Pressekonferenz gesot huet, dass d'Fele vun universitäre Strukturen och fir d'Lëtzebuerger Ekonomie nët onbedéngt ganz gënschteg wär.

Ech kommen dann zu där zweter Proposition de loi, Här President. Dat as déi iwwer d'Installatioun vun enger Centrale culturelle zu Belval.

Ech wollt dee Projet eigentlech am Ufank Kulturschmelz oder Kulturfabrik nennen, mä dat gët et jo schon, a vu dass et jo d'Kärstéck as vun deem Projet iwwer d'Centrale soufflante, hun ech se Centrale culturelle genannt.

Ech wëll jhust an dräi Wierder den Historique maachen. Ech mengen, et huet ugefaange mat eiser Motioun hei an der Châmber, fir den Héichuewen A ze erhalen. Et as weidergaange mat der Motioun iwwer den Héichuewe B. Oder war et ëmgekéiert?

Dun huet d'Kulturministerin de Groupe de travail Linster installéiert, deen awer elo schon eng ganz Parti vun interessanten Iddiën an deem kulturelle Beräich formuléiert huet, wou ech och drop waarden, dass irgendeng Form vun Aménagementsgesellschaft higeet an dee Site do, nët nëmmen d'Rockhal, aménagéiert.

Wourobber steiere mer hin op dem Site vu Belval-Ouest? Mir steieren engersäits hin op en Espace public an anerersäits op en Espace privé.

Den Espace public begräift an e puer Jor eng Rockhal, e begräift e Musée vun den Héichiewen, plus e Musée vun der Geschicht vun der Sidérurgie. Et as och virgesinn, en Espace vun der Recherche technologique zu Lëtzebuerg ze maachen.

D'Iddi schwieft och am Raum, fir eventuell eng Maison de la Région oder eng Maison de la Grande Région do ze installéieren. Dat sin awer lauter Instituter, déi en öffentleche Charakter hun.

An hei schloë mir vir, dass dat ënnert der Regie vun engem Etablissement public soll geschéien, deen dat ganz géréiert. Dat verhënnert nët, dass zum Beispill am Kader vun der Rockhal och Privatleit mat dra kommen. Mä deen Etablissement public as en Daach, fir dass innerhalb vun deem kënnen eng ganz Rei vu méi flexiblen Aktivitéite geschéien.

Dann hu mer awer och op deem Site Belval eng Parti vu private Strukturen, déi sech annoncéieren. Zum Beispill de Kinokomplex, zum Beispill dat, wat mir virschloen, e Wellness-Center, deen opbaut op där Quell Belval, déi jo hoffentlech nët verseucht as, déi dann eventuell kënnt am Kader vu Wellness an aneren Aktivitéiten do spruddelen, a quasi en zweet Mondorf oder en zweet Biekerech do kéint entstoen. Ech wëll hei kengem Konkurrenz maachen.

Et gët och Leit, déi do wëllen Espaces commerciaux maachen, wou een awer muss ganz virsiichteg sin. Mir sin op alle Fall nët Befürworter dovun, fir do en neie Supermarché hinzesetzen.

Jiddefalls, eis Suerg war folgend: wann elo herno op Belval een Deel kulturell Aktivitéiten ënnert der Regie vum Pouvoir public, Stat oder Gemenge passéiert, an anerersäits Aktivitéiten an deem hallef kulturellen an hallef kommerzielle Beräich, da muss een dat awer irgendwéi ënnert een Hutt bréngen, well soss geschitt dat, wat um Kiirchbierg geschitt, dass jiddereen eigentlech dat mécht, wat e wëllt, an herno guer keng Identitéit do as.

An do hun ech ganz laang mat kompetente Leit diskutéiert an iwwerluegt, wéi eng Gesellschaftsformen et do gët, an do gët et keng Honnertdausend. Mir sin zur Konklusioun komm, dass et am beschte wir, et géing een en Etablissement public maache fir déi reng kulturell Aktivitéiten, an déi Form vum Groupement d'intérêt économique egent sech hervorragend dofir, fir Aktivitéiten ënnert een Hutt ze bréngen, déi deelweis privat, deelweis öffentlech sin, ouni dass déi Aktivitéiten irgendwéi sech iwwerschneiden. Jidderee mécht eigentlech, wat e wëllt, mä alles, wat gemeinsam as, sief et d'Gestioun vun den Espaces verts, sief et d'Publicitéit no baussen, sief et den Aménagement vum Site, siefen et aner Aktivitéiten, ka vun engem Groupement d'intérêt économique gemaacht gin. Dee ka souguer europäesch gemaacht gin, well op Terres Rouges schloë mer vir, dass dat e Groupement européen soll sin. Do kann ee souguer Partner aus dem Ausland mat eranhuelen, siefen et Gemengen, siefen et privat Firmen.

Ech géif elo gär deen héieren, dee mir do eng besser Gesellschaftsform proposéiert, sief et als s.a. oder als s.à r.l., well déi hun alleguer hir Nodeler fir de Secteur public, deen oft Gefor leeft, an enger s.a. oder an enger s.à r.l. de Kierzeren ze zéien.

An en Etablissement public kann ee keng Privatfirma mat erabréngen. De GIE as effektiv déi eenzeg Form vu Gesellschaft, déi kann déi zwou Tendenzen ënnert een Hutt bréngen.

M. René Kollwelter *(LSAP).*- Här Garcia, däerf ech lech eng Fro stellen?

(Assentiment)

Här President, ech hun dem Här Garcia nogelauschtert. Ech wëll hien drop opmierksam maachen, dass et, zwar nët an eiser Législatioun, mä an anere Législatiounen, nach en anert Instrument gët, d'Société d'économie mixte. Ech mengen, mir wäre gutt beroden, wa mer eis géifen esou en Numm och hei zouleën, fir kënnen denen dote Saache gerecht ze gin.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Wéi esou oft, Här President, kann ech nëmme mam Här Kollwelter d'accord sin.

M. René Kollwelter *(LSAP).*- Déi grouss Geeschter begéine sech!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Voilà! Et as wierklech un der Zäit, dass mir eis esou Strukture gin, well zum Beispill den Etablissement public a Frankräich huet méi Moyenë wéi deen hei zu Lëtzebuerg, fir mixte Aktivitéiten unzegoen. Et muss vläicht emol nët e ganz neien Typ geschafe gin, mä et as méiglech, op bestehende Strukturen denen hir Kompetenzen auszeweiten.

Ech wëll mech nët do ausloossen, mä ech hu mat ville Leit doriwwer geschwat. Et as eng Matière, wou ee kann endlos diskutéieren, mä wann een elo hei wëllt eppes maachen, as de GIE momentan leider déi eenzeg Form an déi huet och nach den Nodeel, dass en näischt ka vu sech selwer maachen. Dee ka jhust Aktivitéite koordinéieren, mä jiddereen an deem GIE mécht, wat e wëllt. An dat as e bësse schued, well do gin natiirlech och eng Parti Saache verluer.

Ech kommen dann zu ménger Konklusioun, Här President. Wéi gesot, hei leien elo emol fir d'éischt Kéier zwou konkret Propositioune fir den Aménagement vu Friches industrielles an der Minett vir. Et kënnt een och anerer aménagéieren. Ech hat geduecht zu Diddeléng, well de CNA kënnt jo op eng Friche industrielle, an et kënnt een drun denken, fir do en Zenter ze maache fir Productions cinématographiques a Studioën ze installéieren.

Et kënnt een zu Déifferdéng Saache maachen, et kënnt een nach op anere Sitë Saache maachen. Ech mengen, et as un der Zäit, dass mer vläicht sollen aus där frileuser Haltung, déi mer ëmmer par rapport zu de Frichen hun, erauskommen a konkret Propositiounen op den Dësch bréngen.

Et kann een déi Propositioune gutt fannen oder nët, mä zumindest bréngen se awer d'Diskussioun weider, an ech hoffen, dass mer e Mëttwoch vläicht d'Geleënheet hun, nach méi generell ze diskutéieren iwwer d'Zukunft vun de Friches industrielles am Minett an iwwer konkret Projetën. Ech hoffen, dass dës zwou Propositions de loi dozou bäigedroen hun, fir d'Diskussioun ze beliewen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir diskutéieren dann déi zwou Propositions de loi, wéi den Här Garcia et virgeschloen huet, zesummen. Ech gesinn, et sin och déi selwecht Orateure bei denen zwou.

Als éischte Riedner huet den Här Marcel Glesener d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Här President, ech schléissen do un, wou den Här Garcia opgehalen huet, wéi e gesot huet, déi nächst Woch kréiche mer d'Geleënheet, fir iwwer dee ganze Komplex ze diskutéieren. Dat as richteg.

Mir kréien also déi nächst Woch d'Geleënheet, fir iwwer dee ganze Komplex vun den Industriestanduerter am Süden ze diskutéieren, wou déi Propositions de loi, déi den Här Garcia gemaacht huet, en Deelaspekt dovu sin, wou ee praktesch schon de Standuert definéiert an da versicht, fir déi zwee Standuerter eng Gesellschaftsform ze déterminéieren an dat Konzept dann och ze realiséieren, wat scho besteet.

Ech géif zu denen zwou Propositioune vum Här Garcia soen, dass se virun allem de Wäert hun, dass ee sech am verstäerkte Mooss an ofschléissend - well et gët bal Zäit - mat där ganzer Problematik ausenanersetzt.

Mir hun zu Esch zwee ARBED-Standuerter, wou säit laanger Zäit op Terres rouges keng Stolproduktioun méi stattfënt. Et as dat u sech eng industriell Ruin, déi do steet, schon iwwer e Jorzéngt, wou et noutwendeg as an héich Zäit gët, ze diskutéieren a festzeleën, wat d'Déterminatioun vun deem Standuert as.

Zum aneren hu mer op ARBED-Belval e ganz staark ageschränktenen industrielle Standuert, wou nach industriell Produktioun weiderleeft, mä doriwwer eraus hu mer awer e groussen Deel vun Terrainë mat Installatiounen, déi sech eegnen, fir deem Site eng aner Déterminatioun ze gin, fir eng industriell Produktiounseenheet, déi een eventuell och kënnt op dee Standuert setzen.

Zwou Froë misst ee virrangeg klären, an dofir as et gutt, dass den Här Garcia e bësse Virreider as mat sénge Propositions de loi, dass ee sech iwwer zwou Saache schnellstméiglech eens gët.

Dat eent as, dass ee muss ee fir allemol déterminéieren, wat op denen eenzelne Standuerter soll geschéien.

Zweetens muss et dann awer och schnellstméiglech klor gin, sech festzeleën iwwer d'Besëtzverhältnisser an d'Konditiounen, wie wat op dene Standuerter soll maachen.

Dat sin Diskussiounen, déi ee muss féieren, ier een esou konkret - wéi den Här Garcia dat mécht - Forme presentéiert, déi déi Standuerter an d'Déterminatioune vun dene Standuerter géréieren. Ech mengen, dat éischt muss Virrang hun. Dobäi wëll ech nët soen, dass déi Iddi vum Här Garcia nët räif wär, fir ze diskutéieren, oder nët diskussiounswürdeg wär. Au contraire, et soll een doriwwer Iddiën entwéckelen, an den Här Garcia huet schon engem Standuert praktesch eng Déterminatioun gin a sénger Proposition de loi, deen nach keng huet, an dat as de Standuert vun Terres rouges.

Do kann déi Cité oder Entité universitaire européenne - wéi och ëmmer ee se wëllt nennen - eng Méiglechkeet sin, mä ech mengen, et soll ee vir ewech awer mat der Gemeng Esch virun allem déterminéieren, wat op Terres rouges soll geschéien. As et noutwendeg oder besti Besoinën an der Stad Esch, fir zum Beispill neie Wunnraum ze schafen oder nei kommerziell Aktivitéiten? Alles dat misst ee mat an déi ganz Diskussioun afléisse loossen, fir dann zu enger Schlussfolgerung ze kommen, wat op Terres rouges soll geschéien.

Wann dat festläit, da misst ee sech driwwer klor gin, wéi an a wat fir enger Form dat géréiert ka gin. Da kann déi Iddi an déi Propositioun vum Här Garcia een Aspekt dervu sin, an ënner Ëmstänn vläicht eng Finalitéit, woubäi et eis muss klor sin, datt mir nët eleng zoustänneg si fir d'Erriichtung an d'Kreatioun vun enger européischer Universitéit. Do kommen eng ganz Rei vun zousätzleche Problemer, mä et soll een awer déi Propositioun nët einfach an den Tirang leën an déi Geleënheet notzen, fir effektiv iwwer déi zwou Saachen emol fir d'éischt ze décidéieren, iwwer d'Besëtzverhältnisser, iwwer d'Definitioun vun de Standuerter, an dann iwwer d'Form, wie wat ka géréieren, datt et notzbréngend och ka fonktionnéieren.

Dat as dat eent, an dat zweet, wat ech wëll soen, schéngt mer méi kuerzfristeg realisabel ze sin, an zwar d'Definitioun, déi schon zum Deel festläit, vum Standuert ARBED-Belval. Ech mengen, et as gutt, datt den Här Garcia déi Proposition de loi hei presentéiert, fir dat nach eng Kéier ze ënnermaueren, wat mer hei als Parlament den 11. Dezember 1996 beschloss hu bei Geleënheet vun de Budgetsdebatten, a Form vun enger Motioun, déi vun alle Parteie vum Parlament gedroë gin as, wou mer verlaangen, datt déi zwee Héichiewe sollen erhale bleiwen, datt do soll e kulturellen Industriemusée ronderëm deen Héichuewen entstoen an doriwwer eraus "à étudier la possibilité de transformer lesdits hauts-fourneaux en musées industriels au sein d'un concept global de valorisation des sites d'archéologie industrielle du bassin minier."

Mir hun deemools eng Richtung festgeluegt, datt mer eis nët op d'Héichiewe beschränken, mä datt doriwwer eraus effektiv um Site ARBED-Belval e Gesamtkonzept sollt enstoen, dat kultureller Aart as an och der Fräizäitgestaltung soll déngen, wou déi zwou Saache sollte matenee kombinéiert gin.

Do si mer elo och konfrontéiert mat engem Projet de loi vun der sougenanntener Implantatioun vun der Rockhal, zu deem mir eng positiv Stellung bezéien. Ier een awer ufänkt, iwwer e Projet vun der Gestaltung vun der Rockhal definitiv hei an der Chamber ze décidéieren, missten och ganz klor d'Besëtzverhältnisser virdru gekläert gin. Et wir nët gutt, wann een elo déi Salamitaktik och hei als Gesetzgeber géif weiderféieren, déi d'ARBED vläicht wënscht a wëllt, wou se dem Stat wëllt Stéck fir Stéck eenzel Stécker verkafen. Ech mengen, dat as nët dee richtege Wee.

Ech géif d'Regirung opfuerderen, schnellstméiglech déi Diskussioune mat der ARBED weiderzeféieren an ofzeschléissen, fir datt ee weess, wat op eis zoukënnt. No-

deems een e Konzept huet a weess, wat ee wëllt op denen eenzelnen Industriestanduerter maachen, kann een dann op Grond vum Wonsch, deen ee fest definéiert huet, mat der ARBED iwwer de Besëtz an de Präis vun denen Installatiounen diskutéieren an dann ufänken, konkret dat Konzept ze verwierklechen.

An deem Sënn sin ech frou, datt d'Déterminatioun vun deem Deel vun ARBED-Belval zu engem groussen Deel definéiert as. Dat bedeit natiirlech fir d'Infrastruktur, och um Gebitt vum Stroossebau a vum Accès, enorm Diskussiounen, déi mussen an deem ganze Kontext gefouert gin. Do si mer ee gudde Schrëtt virukomm, awer nach nët wäit genuch. De Moment as et richteg, datt d'Fondation Bassin minier u sech nët équipéiert as, fir dat kënnen ze maachen, mä datt eng Persoun, den Här Linster, den Optrag kritt huet, fir e Grupp ze bilden, fir ee Konzept auszeschaffen. Déi sin am Moment och blockéiert, well se och nët méi wëssen, wat wëlle mer elo effektiv an der Finalitéit do maachen.

Deen Ansporn vum Här Garcia as richteg, fir datt ee sech Gedanke mécht iwwer ee Konzept, dat muss erstallt gin, a virun allem och, wien dat soll erstellen a wéi dat herno soll géréiert gin. Déi Form, déi den Här Garcia hei presentéiert, as ménger Menung no valabel. Ech kann elo nët soen - ech sin nët de Gesellschaftsrechtler -, ob dat déi bescht Form as. Et kéint ee sech och d'Fro stellen, datt mer vläicht eis Gesetzgebung iwwer d'Etablissements publics missten adaptéieren an aktualiséieren. Mir haten hei eng Diskussioun, wéi mer iwwer Fondatiounen an iwwer d'Participatioun vum Stat bei Fondatioune geschwat hun, an do hu mer grouss Problemer gesinn, soudatt et och vläicht noutwendeg wir, datt een d'Gesetzgebung iwwer d'Etablissements publics eng Kéier géif hei an der Châmber aktualiséieren. Da kéint dat do mat Sécherheet eng Form gin, wéi een dee Site kéint valoriséieren an och lieweg gestalten.

Ofschléissend géif ech also soen, datt mer virun allem déi lescht Propositioun solle weider vervollstännegen, an doriwwer eraus, datt et Zäit gët, ze wëssen, wouhin ee steiert. Dat hei soll, wéi gesot, en Ansporn sin, datt mer ofschléissend emol dat Konzept erstellen an dann iwwer d'Besëtzverhältnisser mat der ARBED diskutéieren.

Ech wëll awer och zesumme mam President méng Satisfaktioun zum Ausdrock brëngen iwwer déi vill Beméiungen, och vun aneren Deputéierten heibannen, déi eis ënnerstëtzt hun. Ech soen de Kollegen aus der grénger Fraktioun merci fir d'Erhale vun denen zwee Héichiewen op ARBED-Belval, déi eis zwee - dem Här Spautz a mir - besonnesch um Häerz leien. Een Deel dovunner as um gudde Wee, a mir sollten all Geleënheet notzen, wéi och elo dës vum Här Garcia, fir iwwer d'Weiderféierung vun dene Projetën hei ze beroden an zu engem Ofschloss ze kommen. Et as dat, wat ech als Vertrieder vun der CSV zu dene Propositioune wollt soen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projets de loi befaasse sech mat der Revalorisatioun vun de Friches industrielles am Süden, an ech mengen, wann ech richteg am Bild sin, dann as et jo och esou, datt d'nächst Woch och nach Diskussioune sin iwwer d'Problematik. Et wir vläicht och interessant gewiescht, wann een dat hätt kënnen zesummen an engem Jet disktuéieren, an dofir wäerd ech och nët zevill laang op déi verschidde Propositiounen agoen. Ech wäerd nëmmen e puer méi allgemeng Remarke maachen.

Wann een iwwer d'Revalorisatioun vun de Friches industrielles schwätzt, da schneid een do och méi generell d'Problematik vum Aménagement vum Süden un. Mir wëssen alleguer, dass dës Regioun ganz vill zum Wuelstand vun eisem Land bäigedroen huet - ech denken do un d'Eisen- a Stolindustrie -, déi awer an dene leschten 20, 30 Jor bei der Entwécklung vun denen neien ekonomeschen an och kulturellen Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi vergiess gin as. Et as prioritär a Richtung Zentrum produecht gin. Dat hänkt och sécher domat zesummen, datt d'Regirung keng global Visioun vum Aménagemet du territoire huet, an och ganz besonnesch keng Visioun vum Aménagement vum Süden.

Den Här Bodry huet zwar elo rezent e Pabeier virgestallt, mä dat schéngt mer éischter e bësschen Aktivismus ze sin, besonnesch elo an den Zäite virun de Walen. D'Propositioune vum Här Garcia hun de Mérite, fir eng diesbezüglech Diskussioun och hei an der Châmber ze relancéieren. Hien huet hei e puer wierklech interessant a flott Iddiën erabruecht, déi derwäert sin, fir weider diskutéiert ze gin, och um Niveau vun der Châmber.

Déi éischt Propositioun vun der Centrale culturelle Belval zielt a Richtung vun enger Mise en valeur vun der kulturhistorescher Ierfschaft vun der Eisen- a Stolindustrie, déi jo wesentlech zum Wuelstand vun eisem Land bäigedroen hun. Dës Iddi kann d'DP nëmmen ënnerstëtzen, et sief, datt mer herno am Detail vläicht bei verschiddene Punkten oder Projetën e bësschen aner Virstellungen hun. Den Här Garcia proposéiert um Site Belval eng ganz Batterie vun Aménagementer: e Musée, en Haus vun der Minette, e Kino, eng Rockhal, en Espace technologique, oder och nach méi kommerziell ausgeriichten Aktivitéite wéi Geschäfter oder e Wellness-Center. Dat sin alles interessant Denkustéiss, wou och schon eenzel Elementer, wéi zum Beispill dat vun der Rockhal, deemnächst méi konkret solle gin. Och hei kann ech mech nëmme ménge Virriedner uschléissen, datt do - besonnesch wat de Projet vun der Rockhal ubelaangt - fir d'éischt musse ganz klor Verhältnisser geschafe gin, wat d'Besëtzverhältnisser ubelaangt, an datt een nët däerf iwwerstierzt e Projet diskutéieren an och eventuell votéieren, wou herno eng ganz Rei Froëzeechen opstoë bleiwen.

Et kann een elo nët am viraus soen, wat fir eng eenzel Elementer wäerte realiséiert gin, mä den Här Garcia huet och richtegerweis d'Noutwendegkeet erkannt, datt een do muss eng effizient Koordinatioun hun, datt ee virun allem virun der Planung, bei der Planung an herno bei der Gestioun muss koherent virgoen an dat Ganzt vun enger

Stell aus géréieren. Hei gët en Etablissement public proposéiert, deen dann och ka Member sin an engem Groupement d'intérêt économique. Dës Iddi fënt och - wéi een esou schéi seet - e Préjugé favorable bei eiser Fraktioun.

Wann een den Text kuckt zu den Etablissements publics, da schéngt dee mer vläicht e bëssche kuerz. Ech sin elo och kee Spezialist doranner, mä ech wéilt och hei drop hiweisen, dass d'DP scho méi laang e Kadergesetz fir d'Etablissements publics fuerdert; zu engem gegebenen Zäitpunkt, wann een do wéilt en Etablissement public maachen, kéint ee sech dann och deem Kadergesetz upassen.

Ech wëll och drop hiweisen, datt den Aménagement vum Süden awer och nët nëmmen däerf an eng Richtung goen, eng Richtung Disneyland, oder hei éischter Minettland, wou da jhust dru geduecht gët, fir kulturell Aktivitéiten ze initiéieren, fir eventuell Touristen unzezéien. Dat as zwar eng interessant Iddi. Mir hun och an engem DP-Pabeier iwwer Tourismus déi Iddi gehat, déi den Här Garcia a sénger Proposition de loi gemaacht huet, fir e Circuit touristique ze maache mat anere Siten. Dat as ganz interessant, mä dat däerf awer nët nëmmen eleng de Süde sin.

De Süden als Standuert muss ekonomesch diversifizéiert a belieft gin, an dat heescht, datt mer nach musse weider Betriber an Déngschtleeschtungsservicer dohinner bréngen an och do musse kucken, weider ze diversifizéieren, a virun allem, datt mer do nach Aarbechtsplaze musse schafen. Do kéint de Stat eng gewëss Virreiderroll spillen an Effore maachen, zum Beispill andeems hie géif séng oder parastaatlech Servicer dezentraliséieren an och am Süden usidelen.

Am Kontext vun där zweter Propositioun, wou et ëm eng Université européenne geet, wéilt ech ënnersträichen, datt d'DP och fir en Ausbau vun den Héichschoulen, respektiv fir eng héichwäerteg Uni zu Lëtzebuerg antrëtt. Ech verweisen hei op eis verschidde Pabeieren, déi mer zu deem Sujet gemaacht hun. An eisem Pabeier "Eine Bildungsoffensive für Luxemburg" an an eisem Walprogramm ënnersträiche mer dat och, an et kann een och e ganz interessante JDL-Pabeier zu deem Sujet liesen.

M. René Kollwelter *(LSAP)*.- As dee geheim?

M. Eugène Berger *(DP)*.- Deen as nët geheim, Här Kollwelter. Wann Der Iech derfir interesséiert, da kann ech derfir suergen, datt Der och dee Pabeier zougestallt kritt. En as ënner anerem vum Mireille Hames, enger jonker Studentin, erstallt gin. Ech froen dann dee Pabeier no, an da kann ech Iech deen och iwwermëttelen.

M. René Kollwelter *(LSAP)*.- As en nët um Internet?

M. Eugène Berger *(DP)*.- Dach, Dir hut Recht, Här Kollwelter. Ech gesinn, Dir kennt eise Site och, dat as ganz gutt. Dir wäerd ee vun dene mëttlerweil 15.000 Visiteure gewiescht sin. En as och um Internet, awer ënner JDL.lu, an nët ënner DP.lu. Do fant Der de Pabeier och.

(Interruptions)

Op alle Fall, eng Uni géif ganz sécher eng Beräicherung fir Lëtzebuerg bréngen, dëst a wëssenschaftlecher, kultureller an och ekonomescher Hinsicht. Et as awer och klor, dass eng Uni muss dem spezifesche Lëtzebuerger Kontext ugepasst gin, dat heescht, datt ee misst Studiërichtungen eraussichen oder ubidden, wou e gewëssenen Know-how do as, oder och vläicht Fächer proposéieren, déi nach nët an de Grenzregiounen, well mer do schon eng Rei Uniën hun, ugebuede gin, respektiv datt se complémentaire zu dene wiren. Et kéint ee sech zum Beispill virstellen, datt ee géif fir d'Wirtschaftswëssenschaften, Jura oder Sozialwëssenschaften e kompletten Zyklus hei zu Lëtzebuerg ubidden.

D'Iddi vun enger europäescher Universitéit - esou wéi den Här Garcia dat och scho virgeschloen hat - as och pertinent, vu datt zu Lëtzebuerg jo verschidden europäesch Instituter present sin a mir ëmmer eng europäesch Vokatioun wollten hun.

Hei muss ee bedaueren, datt an der Vergaangenheet nët éischter Jalonë gesat gi sin, well mir elo d'Konkurrenz vun Nopeschinstituter hun.

Eng Universitéit zu Lëtzebuerg heescht och nët, datt déi jonk Lëtzebuerger elo mussen zu Lëtzebuerg op d'Universitéit goen, mä si kënnen och weider an d'Ausland studéiere goen. Villméi soll eng Universitéit hei am Land e Faktor vum Standort Lëtzebuerg gin, andeems en op där enger Säit nei Kompetenzen an d'Land bréngt, ech denken do u Wëssenschaftler a Spezialisten, an op där anerer Säit och fir auslännesch Studënten attraktiv gët, fir datt si op Lëtzebuerg studéiere kommen.

Donieft sollen och d'Kooperatiounsmodeller mat den Nopeschuniversitéiten op- an ausgebaut gin, wou een um Wëssensgebitt regional zesummeschaffe kann.

D'DP steet also absolut positiv zu enger Universitéit zu Lëtzebuerg, an dëst besonnesch am Süde vum Land. Fir ofzeschléisse si mir awer der Meinung, datt ee sech hei nët soll dës le départ op ee bestëmmtene Site fixéieren. Aner Plazen am Süde géife sech och oder vläicht souguer besser dozou eegnen, hun och scho vläicht Ufänk vun aneren Universitéiten oder Instituter an der Recherche. Et kann ee jo da kucken, wou dat sech am interessanteste realiséiere léisst.

D'Standortdiskussioun soll awer nët déi gréissten Hürd sin, an et wir wichteg, datt an den nächste Iore konkret Schrëtt a Richtung Universitéit zu Lëtzebuerg gemaacht gin.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Lescht Diskussiounsriednerin as d'Mme Lydia Mutsch. D'Mme Mutsch huet d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Ech hun dräi Punkten, Här President, firwat et wichteg as, sech schnell konkret

Iddiën iwwer déi zukünfteg Neinotzung vun den Industriebraachen ze maachen.

Hir Rekonversioun as vun enger zentraler an nët nëmme symbolescher Bedeitung fir d'Zukunft vun eisem Land, a besonnesch fir de Süden.

Et as e Bewäis, datt et eis mat der Dezentraliséierung eescht gemengt as, souwuel a puncto Infrastrukturen, wéi och a puncto wirtschaftlech Entwécklung vun der gréisster Regioun vum Land.

Et as eng onbeschreiflech Chance, fir iwwer zousätzlech Notzflächen eng Regioun ze valoriséieren, déi an de leschte Jore massiv ënner dem Ofbau vun der Stolindustrie ze leiden hat. Et as eng Chance a puncto Urbanismus, Wunnéngsbau, Kultur- a Fräizäitinfrastrukturen, an nët zulescht eng Chance am Hibléck op d'Schafung vun zousätzlechen Aarbechtsplazen am Kader vun der Grande Région.

Ech ka mech kuerz faassen, well déi Propositions de loi an der Commission de la Culture, respektiv an der Commission de l'Education nationale diskutéiert gin. Gläichzäiteg wësse mir, datt d'nächst Woch d'Diskussioun am Kader vum Débat iwwer d'Friches industrielles méi wäit féiert an iwwer d'Suggestiounen, déi hei um Dësch leien, erausgoë wäerd.

Et kann een awer elo scho soen, datt d'Iddi vun engem Campus universitaire "Terres Rouges", déi schon 1993 an engem Dokument ausgeschafft gin as, dat vun der Escher Gemeng an Zesummenaarbecht mam OGB-L, der ASJ an aneren Associatiounen erausgi gouf, eng interessant Iddi as, och wa si zum Deel eng aner Orientatioun hat. D'Terres Rouges egent sech duerch séng gënschteg Lag an direkter Noperschaft vum Escher Zentrum, vum franséiche Grenzgebitt, a mat sénger gudder Verkéierssituatioun ganz gutt, fir zu engem Site ausgebaut ze gin, deen duerch eng Neinotzung der Stad Esch an de Regioune ronderëm zegutt komme kann.

Iwwer Belval as scho mat Recht gesot gin, datt mat a ronderëm d'Rockhal e Site entsteet, iwwer deem séng zukünfteg Notzung mir hei an der Châmber nach méi wéi eng Kéier schwätze wäerten.

Ofschléissend wëll ech nach eng Bemierkung maachen, déi mir perséinlech um Häerz läit.

Eist Land war während Joren eng eenzeg Solidaritéitsgemeinschaft, fir d'ARBED als feste Faktor vun eiser Wirtschaft ze erhalen, respektiv ze ënnerstëtzen. Dofir däerf d'ARBED sech nët selwer zu enger banaler Immobilière degradéieren, déi Präisser fir verbrauchten an zum Deel polluéiert Terrainën héichdreiwe wëll. Och d'ARBED huet eng Obligatioun vis-à-vis vum Lëtzebuerger Land a misst déi Terrainën, déi sech fir d'Rekonversioun, respektiv d'Neinotzung eegnen, eis zum symbolesche Frang iwwerloossen.

Et wär un der Regirung, fir doriwwer eraus iwwer d'Kreatioun vun engem seriö dotéierten Entwécklungsfong an Zesummenaarbecht mat de concernéierte Gemengen ze beweisen, datt et hir mam Beméien ëm d'Zukunft vum Süde vum Land eescht gemengt as.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Domat wär d'Diskussioun an dee Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen dann elo zu enger Rei Questions avec débat.

De Minister Luc Frieden huet d'Wuert gefrot.

9. Questions avec débat

M. Luc Frieden, *Ministre du Budget.-* Ech wëll jhust eng prinzipiell Fro stellen, Här President. Ech stelle fest, datt nach 7 oder 8 Deputéiert heibanne sin. Et as gesot gin, datt déi Questions avec débat vu gréisster Wichtegkeet fir d'Parlament sin an dofir nët schréftlech gestallt géife gin.

Dofir wollt ech jhust d'Fro stellen, ob d'Parlament nach un den Äntwerten interessëiert as oder ob et méi opportun wär, fir déi da schréftlech eranzegin, fir datt all Deputéierte se da liese kann. Ech wollt jhust déi Fro stellen. Ech sin awer selbstverständlech bereet, op d'Fro ze äntweren, grad wéi d'Mme Delvaux bereet as, op déi Fro ze äntweren, déi si betréfft.

Une voix.- Les absents ont toujours tort!

M. le Président.- Dat as um Ordre du jour esou virgesinn. Den Här Calmes dréit séng Fro dann elo vir, well et huet kee Wäert, fir se op d'nächst Woch ze verleën. D'Äntwert gët jo souwisou publizéiert.

Den Här Calmes huet dann elo d'Wuert, fir séng Fro virzedroen.

Question 10 avec débat de M. Emile Calmes relative à la réforme des allocations familiales

M. Emile Calmes *(DP).-* Här President, et hënnert de Minister näischt drun, d'Äntwert och schréftlech eranzegin.

Et geet drëm, datt d'Kannergeld ëm 12.000 Frang an d'Luucht gaangen as. Op där anerer Säit as den Abattement fiscal ëm 12.000 Frang erofgesat gin. Séngerzäit as ëmmer mat all Déterminatioun drop higewise gin, datt dobäi keen eppes verléiere géing. En Artikel, deen ech am Journal gelies hun, seet, datt verschidde Leit iwwer de Wee vun de Steiere manner hätte wéi virdrun.

Ech gin Iech e Beispill vun enger bestuetener Koppel mat engem Kand. Déi bezuelen elo bei 84.600 Frang 1.064 Frang Steieren, virdrun hu si jhust 39 Frang Steiere bezuelt. Déi kréien dann elo 1.000 Frang Kannergeld manner. Déi bezuelen dann elo 25 Frang méi Steieren. Dat mécht wuel nët vill aus, mä et muss een och soen, datt dee Loun do och nët an den ieweschte Kategorië läit.